Holzatelier

Maschinnen

Dekupéiersee

Maschinn	Proxxon 2 Gang Dekupéiersee
Photo	
Beschreiwung	Fir kleng fein Holz/Alu/Styropor Aarbechten
Aweiser	virii

Aarbechtsmodi

Aarbechtsplak neigen

1. Lassschrauwen.
2. De gewënschten Neigungsgrad astellen.
3. Festschrauwen.

Seeblieder wiesselen

Wichteg. Mir hunn 2 generell Zorten vu Seeblieder fir eis Dekupéiersee. Eng kéier déi, mat engem Splënt, an déi ouni. Déi mam Splënt sinn eng Grëtz méi einfach anzesetzen wéi déi ouni, dofir kennen déi ouni Splënt och bei der Laubsäge benotzt ginn.

Seeblieder ouni Splënt **mussen festgeschrauft** ginn.
Déi mat Splënt **däerfen net festgeschrauft** ginn!

Seeblat mat Splënt

Uewen lassschrauwen	
Den Seearem erofdrécken an dat alt Seeblat eraushuelen	
Seeblat fir d'éischt ënnen aklemmen. Mat den Zänn no fir an t'ass se erof weisen!	
Dann d'Seeblat uewen akropen	

Uewen erëm alles festdréinen. Net iwwerdreiwen
Dekupéiersee ass asazbereet.

Seeblat ouni Splënt

Uewen lassschrauwen
Den Seearem erofdrécken an dat alt Seeblat eraushuelen
Seeblat fir d'éischt ënnen festschrauwen. Mat den Zänn no fir an t'ass se erof weisen!
Dës Seeblieder mussen festgeschrauft ginn!!!
Uewen erëm alles festdréinen. Net iwwerdreiwen!
Dekupéiersee ass asazbereet.

From:
https://wiki.c3l.lu/ - **Chaos Computer Club Lëtzebuerg**

Permanent link:
https://wiki.c3l.lu/doku.php?id=lb:chaosstuff:infrastructure:woodworking&rev=1542051042

Last update: **2018/11/12 20:30**